



**Matdeelung vun der Gemeng Kiischpelt
am Kader vun den Artikelen 8 et 9 vum ofgeännerte Gesetz
vum 4. Februar 2005 iwwert den nationale Referendum**

De Schäfferot

Vu d' Demande vum Comité d' Initiative vum 26. Juli 2022, déi de Premier- a Staatsminister de 27. Juli 2022 kritt huet, fir e Referendum iwwert d' Proposition vum der Revisioun vun de Kapitele IV a Vbis vun der Verfassung ze organiséieren;

Vu d' Decisioun vum Premier- a Staatsminister vum 29. Juli 2022 iwwert d'Recevabilitéit vun där Demande;

Vu d' Kommunikatioun vum Premier- a Staatsminister am *Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg*, Memorial A – 761 vum 5. August 2022, an Ausféierung vum Artikel 5 vum ofgeännerten Gesetz vum 4. Februar 2005 iwwer den nationale Referendum;

informéiert

d'Wieler, déi d'Walrecht fir d'Chamberswalen hunn an déi an der Gemeng Kiischpelt domiciliéiert sinn, datt si d'Demande iwwert d'Ofhale vun engem Referendum iwwert d'Proposition vum der Revisioun vun de Kapiteln IV an Vbis. vun der Verfassung, déi an éischer Liesung den 13. Juli 2022 vun der Chamber ugeholl ginn ass, ënnerstëtze kënnen, andeem si sech an de Lëschten aschreiwen, déi an der Gemeng

vum 20. August 2022 bis den 13. September 2022 abegraff, opleien.

Während dëser Period sinn d'Lëschten op folgende Plazen an zu folgenden Zäiten zougänglech:

Uert: **Guichet vun der Gemengeverwaltung**
7, op der Gare
L- 9776 Wëlwerwolz

Deeg an Zäiten: **Zu deenen üblechen Öffnungszäiten**
Mé - Fr.: 09.00 - 11.30 an 14.00 - 16.30 Auer

an zousätzlech: **Mëttwochs vun 16.30 bis 18.00 Auer a
Samschdes vun 10.00 bis 12.00 Auer**

Den Text vun der Proposition vum der Revisioun vun de Kapiteln IV an Vbis vun der Verfassung kann op den uewe genannte Plazen an zu den uewe genannten Zäiten agesi ginn.

Fir d' Demande iwwert de Referendum z'ënnerstëtzen muss de Wieler sech perséinlech op senger Gemeng presentéieren. De Wieler muss säin Numm, seng Virnimm a seng Adress dem zoustännegen Agent matdeelen an eng gültig Pièce d'identité virweise kënnen.

Nodeems den Agent kontrolléiert huet ob de Wieler op de Wielerlëschten agedroen ass, leet den Agent dem Wieler d'Aschreiwungslëschte vir an dréit dem Wieler säin Numm, seng Virnimma säi Gebuertsdatum an.

Nodeems de Wieler dës Aschreiwunge kontrolléiert huet, ënnerschreift hien d' Lëscht.

De Wieler deen duerch e physischen Handicap net ënnerschreiwe kann, därer sech vun enger Persoun begleede loossen, déi a sengem Numm ënnerschreiwen därer. Dës begleedend Persoun därer kee kommunaalt, nationaalt oder europäescht Mandat bekleeden, si muss liesen a schreiwe kënnen an därer net no de Bestëmmungen vum Artikel 6 vum ofgeännerten Walgesetz vum 18. Februar 2003, vum Walrecht ausgeschloss sinn.

Et därferen déi Wieler ënnerschreiwen déi den Dag virum Ufank vun der Ënnerschrëfte Sammlung op de Wielerlëschte fir d' Chamberwalen agedroe sinn.

Déi Wieler déi net op der Wielerlëscht vun der Gemeng stinn, müssen eng Decisioun vum Buergermeeschter vun hirem Wunnuert respektiv vun enger Geriichtsinstanz virweise kënnen déi bezeit, datt si d' Walrecht an där Gemeng hunn.

Déi Wieler déi zwar op dese Wielerlëschten agedroe sinn, mee déi hiert Walrecht duerch eng gesetzlech Bestëmmung oder duerch e Geriichtsbescheid oferkannt kritt hunn, däerfe sech net un der Ënnerschrëfte Sammlung bedeelegen.

All Wieler däerf nëmmen eemol d' Lëscht ënnerschreiwen. D'Ënnerschreiwen am Numm vun enger drëtter Persoun ass verbueden ausser am Fall wou eng Persoun eng handicapéiert Persoun begleet.

D' Ënnerschrëft vum Wieler op der Lëscht bedeit datt dese Wieler d' Demande fir d' Ofhale vun engem Referendum ënnerstëtzt.

Dës Demande ass nëmmen dann ugeholl, wa 25.000 Wieler se ënnerstëtzen.

Fir de Schäfferot

De Buergermeeschter,

De Gemengsekretär,

